Lëtzebuerger
Guiden a Scouten

# De roude Fuedem

*mir wuessen zesummen*



mir wuessen zesummen



# INHALT


Wat ass de roude Fuedem? ///// Säit 06

Thema, Zil ///// Säit 08

Scoutsjoer 2026-2027 ///// Säit 09

E Lidd wat eis verbënnt ///// Säit 10

Challenge ///// Säit 11

Eist Gesetz fir de Chalet ///// Säit 12

Mini-Grupperot ///// Säit 13

# WAT ASS
## de roude Fuedem?

Bei de Lëtzebuerger Guiden a Scoute gëtt et traditionell all dräi Joer en neit iwwergräifent Thema, dat bis elo ënner dem Numm “Mot d’ordre” bekannt war. Dëst gëtt ab elo „roude Fuedem“ genannt.

De roude Fuedem gëtt d’Richtung vun den LGS fir dräi Joer 20**26** – 20**29** vir. En ass eng kloer Visioun, déi wärend den Aktivitéite ganz flexibel gelieft soll ginn.





# THEMA

## *mir wuessen zesummen*

Eist neit Thema ass *„Mir wuessen zesummen"*. Mee firwat hu mir dëse Schwéierpunkt gewielt? D'Äntwert ass einfach: Well et genee dat ass, wat de Guidismus a Scoutismus am Kär ausmécht! Zesummenhalt, Hëllefsbereetschaft a Verantwortungsbewosstsinn si fundamental Guiden- a Scoutswäerter. An enger Gesellschaft, déi leider ëmmer méi individualistesch gëtt, fënnt een dës Wäerter net méi iwwerall.  Genee dofir wëlle mir als LGS e staarkt Zeeche setzen an dës Stäerkten nees méi bewosst an de Mëttelpunkt stellen.

Gläichzäiteg sinn d'LGS eng Plaz, wou mir net nëmmen zesumme wuessen, mee wou jiddereen och un sech selwer wiisst. Duerch gemeinsam Erliefnesser, Verantwortung, Frëndschaften an nei Erausfuerderungen entwéckele sech Kanner, Jonker an Erwuessener weider – als Grupp, an och als eenzel Perséinlechkeeten.

*„Mir wuessen zesummen"* steet also souwuel fir eis staark Gemeinschaft wéi och fir de perséinleche Wuesstum, deen de Guidismus a Scoutismus méiglech mécht.

# ZIL

Mat eisem roude Fuedem *„Mir wuessen zesummen"* wëlle mir déi kommend dräi Joer eis Gemeinschaft, d'Zesummenaarbecht, d'Verantwortung an d'Bedeitung vum Benevolat nees aktiv ervirhiewen.

Et ass wichteg, dass mir net vergiessen, wéi wäertvoll et ass, fir anerer do ze sinn. Dëse Motto ass en Opruff, zesummen eppes ze beweegen. Et ass eng Invitatioun fir mat unzepaken an eis zesummen an der Gesellschaft ze engagéieren – fir eis selwer, fir eise Grupp an als feste Pilier fir d'Mënsche ronderëm eis.

Folgend Schwéierpunkte sinn an den nächsten dräi Joer virgesinn:

26/27 **Zesummenhalt**, 27/28 **BA - Bonne Action**, 28/29 **Benevolat**




## SCOUTSJOER 2026 - 2027

# ZESUMMENHALT

Mir schafe Plazen a Méiglechkeeten, wou jiddereen säin Deel ka bäidroen, onofhängeg vu sengem Hannergrond, senge Fäegkeeten oder sengem Alter. All Kand, Jugendlechen an Erwuessene soll sech bei de Guiden a Scoute wuel fillen an seng Plaz an der Gemeinschaft fannen. Mir wuessen als Grupp zesummen a jiddereen eenzel kann am Grupp wuessen.

Biber | Wëllefcher | Avex | CaraPio Lëtzebuerg | RaRo Lëtzebuerg

# KONKRET AKTIVITÉITEN



Fir d'Visioun vun eisem éischte Joer aktiv an d'Praxis ëmzesetzen, gi folgend Haaptaktioune proposéiert.

## E LIDD WAT EIS VERBËNNT

Mir sangen all dat selwecht Lidd! Eis grouss Challenge ass et, dass all Grupp d'Lidd „Eng Guide, E Scout“ séngt, a filmt. Mir schneiden um Enn all d'Videoen zesummen zu engem groussen, gemeinsame Video. Dës Challenge fänkt um Chefdag un, an dir hutt bis Chrëschtdag Zäit, äre Video eranzeschécken.

Scann de QR-Code, fir op d'Lidd an d'Plattform ze kommen, wou s du däi Video eropluede kanns.

**Lidd** **Video eroplueden**



# CHALLENGE

**Mir wëllen den Zesummenhalt stäerken!**

All Grupp ass opgefuerdert, eng flott Teambuildings-Aktivitéit ze plangen an duerchzeféieren. Dëse Projet soll bis Ouschteren agereecht ginn. Fir d'Motivatioun ze stäerken: Et gëtt och eppes ze gewannen!

Scann de QR-Code fir de kompletten Dossier mat Iddien fir Teambuilding-Aktivitéiten ze fannen an d'Fotoe vun ärem Projet direkt eropzelueden.

**Teambuilding-Aktivitéiten**

**Fotoen eroplueden**



# EIST GESETZ FIR DE CHALET

Fir en Zesummeliewen an der Gemeinschaft ze garantéieren, brauch ee kloer Reegelen. Eis Guiden- a Scoutswäerter begleeden eis dobäi. Fir dat an eise Versammlungsplazen ze visualiséieren, kritt all Grupp um Chefdag e Pouster ausgedeelt. Dir kennt en iech hei nach eng Kéier roflueden.

Scann de QR-Code fir d'Plakat digital erofzelueden oder weider Informatiounen zu de Gesetzer ze fannen.

**Pouster**



# DE MINI-GRUPPEROT (MGR)

Duerch de Mini-Grupperot gëtt Partizipatioun net nëmme grouss geschriwwen, mee aktiv gelieft. Kanner a Jugendlecher kréien eng Stëmm fir am Grupp matzeschwätzen, matzegestalten a matzebestëmmen, wat si an hirem Guiden- a Scoutsliewe beweegt.

### Wat ass de MGR?

- fir Kanner a Jugendlecher
- besteet aus 1–2 Vertrieder aus all Branche
- gëtt vum Gruppechef oder anere Membere moderéiert
  *idealerweis Chef:taine ouni direkte Lien mat de präsente Branchen*

### Firwat ass dat esou wichteg?

- Zesummenhalt,
- Responsabilitéit,
- Konfliktléisung stäerken

### Grousse Rendez-vous: Austausch & Inspiratioun

Egal ob däi Grupp de Mini-Grupperot scho laang agefouert huet oder ob dir einfach interesséiert sidd, méi doriwwer gewuer ze ginn an Inspiratioun ze sammelen – dësen Datum däerft dir net verpassen:

- **Wéini**: 20.03.2027
- **Wou**: Keltenhaus, Neihaischen
- **Fir ween:** fir jiddereen, deen de MGR schon huet oder entdecke wëll, an all Kanner a Jugendlecher vum MGR

Scann de QR-Code fir dech an/oder däi MGR direkt unzemellen.

matschwätzen
matmaachen
matbestëmmen

MINI-
GRUPPEROT

AUSTAUSCH / INSPIRATIOUN / KONTAKTER

**FIR WEEN?**

**Fir all Branche a fir jiddereen.**
Dir hutt de Mini-Grupperot agefouert oder
sidd interesséiert méi doriwwer gewuer ze ginn?
**Mell dech an/oder däi MGR fir den Austausch un.**

Umeldung

# 2026/27

## ZESUMMENHALT




**Zesummenhalt:** Mir schafen Plazen a Méiglechkeeten, wou jiddereen säin Deel ka bäidroen, onofhängeg vu sengem Hannergrond, senge Fäegkeeten oder sengem Alter. All Kand, Jugendlechen an Erwuessene soll sech bei de Guiden a Scoute wuel fillen an seng Plaz an der Gemeinschaft fannen. Mir wuessen als Grupp zesummen a jiddereen eenzel kann am Grupp wuessen.



programm@lgs.lu

# LGS.lu

*mir wuessen zesummen*